N°2503
Entrée le 17.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le ministre du Travail, Georges Mischo, à la question parlementaire n°2503 du 24 juin 2025 de Madame la députée Françoise Kemp et de Monsieur le député Jeff Boonen au sujet de l'impact de la stratégie d'ArcelorMittal sur les sites luxembourgeois**

***Sinn der Regierung Informatioune bekannt, ob d'Decisioun vun ArcelorMittal, déi gréng Stolproduktioun an Däitschland zréckzeféieren, en Impakt op geplangten oder lafend Investissementer zu Lëtzebuerg huet?***

Den Echangen tëschent de Ministèren an dem Betrib no dierft dëst keen Impakt op lafend Investissementer zu Lëtzebuerg hunn. Den Investitiounsprojet fir eng Moderniséierung vum Elektrouewen um Site Belval gëtt aktuell duerchgefouert an ass net a Fro gestalt. D'Zil vun dësem Investissement um Site Belval ass et d'Capacitéit, d'Leeschtungsfäegkeet an d'Energieeffizienz vum Stolwierk Belval ze erhéijen.

***Ginn et Indizien oder Signaler vun ArcelorMittal, déi op eng méiglech Restrukturéierung oder Reduktioun vun de Produktiounskapazitéiten zu Lëtzebuerg hindeiten?***

ArcelorMittal steet, grad wéi déi ganz Stolindustrie an Europa, virun enger Rei Defien. Dëst gëllt och fir déi Lëtzebuerger Sitten, och wann d'Perspektiven de rezenten Echangen no, a mat Bléck op déi aktuell Investissementer, éischter zouversiichtlech stëmme fir d'Zukunft vum Betrib zu Lëtzebuerg.

***Wéi steet et aktuell ëm d'Pläng vun ArcelorMittal fir d'Dekarboniséierung vun de lëtzebuergesche Standuerter?***

Déi aktuell Investissementer droen zu der Energieeffizienz an Dekarboniséierung vun de Standuerter bäi. Zu Lëtzebuerg bedreift ArcelorMittal Elektroiewen, keng Héichiewe méi, déi de gréissten Defi vun der Dekarboniséierung op de Sitten am Ausland duerstellen.

***Huet d'Regierung vun ArcelorMittal Garantië kritt betreffend der Sécherung vun den Aarbechtsplazen op de lëtzebuergesche Standuerter?***

Den Accord tripartite *LUX2025* gëllt nach bis Enn vum Joer a setzt de Kader vum Emploi an den Investissementer op de Lëtzebuerger Standuerter vun ArcelorMittal. Gespréicher fir de nächsten Accord wäerten am Hierscht ulafen.

Luxembourg, le 17/07/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles